Club
Am Schlass
*centre de rencontre*



| HIERSCHT |
2023





# DE "CLUB AM SCHLASS"
## HIERSCHT 2023

Léif Frënn vum Club Am Schlass,




Esou lues fänken d'Deeg nees u méi kuerz ze ginn an déi schéi Faarwe vum Hierscht weise sech an der Natur. Mir freeën eis op Owes fir dobannen am Waarme kënnen den Alldag hannert eis ze loossen. Mee Daagsiwwer wëlle mir awer a Beweegung sinn, Freed hunn a flott Stonnen ënner Frënn a Bekannte verbréngen.
Dofir suergt mol fir d'alleréischt eise gudden Ed, deen eis wéi gewinnt immens flott Tréppeltier an där schéinen Hierschtnatur proposéiert.
Mir gesinn datt eis Kinosnomëtteger immense Succès hunn, wat de Film mat eiser bekannter lëtzebuergescher Filmschauspillerin Vicky Krieps emol méi gewisen huet.

Dofir versiche mir Iech do och weider ganz flott Filmer ze weisen. De Smartphone-Café, deen aus der Summerpaus ass, mécht och erëm seng Dieren op fir Iech bei Äre Froen zu Handy oder Tablett ze hëllefen. Heifir an der Belsch besiche mir e bekannt Klouschter, wou Kéis a Béier hiergestallt gëtt. Mee och eist Éislek huet eppes Eemoleges ze bidden: Déi gréisste Privatausstellung vun Traktere weltwäit, wou mir deen Dag awer och ee ländleche Musée kucke ginn. Ee ganz flotte Weekend Mëtt Oktober steet nëmmen am Sënn vun eis, mat der traditioneller Foire Senior an direkt den Dag dono eise flotten Thé Dansant. Dann hu mir awer och eng ganz interessant Konferenz iwwert Sécherheet doheem a mir besichen ee flotte Chrëschtmaart.


Mir hoffe mir hunn Iech elo virwëtzeg gemaach
an Dir huelt Iech Zäit fir duerch d'Broschür ze bliederen.

*Mir freeën eis op Iech,*





Är Equipe vum Club Am Schlass
MARGOT JEMMING & JESSICA HARLES



### TRËPPELTIER
mam
Edmond Pansin,
Margot Jemming
& Jessica Harles



### SMARTPHONE-CAFÉ
GoldenMe

N°01




### VISITT ABTEI ORVAL
Florenville, Belgien

N°02



### FILM NOMËTTEG
"Fisherman's Friends"

N°03



### FOIRE SENIORS
4. Editioun

N°04



### THÉ DANSANT
mam Orchester
Ever Dance

OKTOBERFEST
Editioun


N°05



### VISITT MUSEÉ 'A SCHIEWECH'
& Trakter Expo
vum Josy Reiff

N°06

# #CONTENT



**KONFERENZ**

Am Alter
méi sécher doheem

N°07



**FILM NOMËTTEG**

"Max und die wilde 7"


N°08



**VISITT CHRËSCHTMAART ZU KÖLN**

Markt der Herzen

N°09



**FILM NOMËTTEG**

"Tatsächlich ... Liebe"

N°10



## REES AN DÉI SCHÉIN
# PROVENCE

VUM 12-19 MEE 2024

# TRËPPELTIER

mam Ed Pansin,
Margot Jemming & Jessica Harles

**„Es ist nicht der Berg, den wir bezwingen – wir bezwingen uns selbst.“** *(Edmund Hillary)*

“Indian Summer”, wéi d’Amerikaner sou gären den Hierscht benennen, gëtt et elo och hei an eis Natur verfierft sech an deene schéinste Faarwen. Ëmsou méi eng Ursaach fir mat eisem Ed nei Weeër ze entdecken. D’Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

**Konditioun: Gutt zu Fouss**






* Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!
D’Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.


| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDES, 26\|09\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 10\|10\|2023 | GANZEN DAG MAT IESSEN<br>UMELDUNG BIS 1 WOCH VIRDRUN | MOIES ± 5 - 7 KM<br>MËTTES ± 3 KM |
| DËNSCHDES, 24\|10\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 07\|11\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 21\|11\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 05\|12\|2023 | DEPART UM 14:00 AUER | 5 - 8 KM<br>MAT OFSCHLOSS |

UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRUN



Aus Respekt biede mir Iech d’Auerzäiten anzehalen!











# PROGRAMM
## VUM HIERSCHT
## 2023

GoldenMe

01




croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen







ÄRE
# SMARTPHONE-CAFÉ

Mat GoldenMe a mam Jugendhaus vu Bartreng

01

Hutt Dir eng Fro zu Ärem Smartphone? Wéilt Dir virum Kaf vun engem neie Smartphone, Laptop oder Tablett berode ginn? Oder braucht Dir Hëllef bei de Funktionalitéite vun Ärem Smartphone oder Tablett?

Hei am Smartphone-Café kritt Dir eng individuell Berodung an Hëllefsstellung bei Froen zum Smartphone, Tablett a Co. Bréngt ganz ouni Drock Är Froe mat op en entspaanten Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär am Café an der Schauwebuerg, an Dir kritt se wärend engem Eenzelgespréich vun 30-40 Minutte beäntwert.






## DE SMARTPHONE-CAFÉ MÉCHT SENG DIEREN OP:

| | | |
|---|---|---|
| FREIDES, 03\|11\|2023 | VUN 14:00 BIS 17:00 | MAISON SCHAUWENBURG REZ-DE-CHAUSSÉE AN 1. STACK |
| SAMSCHDES, 02\|12\|2023 | VUN 14:00 BIS 17:00 | |

UMELDUNG BIS JEEWEILS ENG WOCH VIRDRUN

# VISITT VUN DER
# ABTEI ORVAL

02



Abbaye d'Orval

02


Dat aus dem 11. Joerhonnert vun de Benediktiner gegrënnte Klouschter, ass am Joer 1131 ee cistercianescht Klouschter gi mat der Arrivée vun de Pateren vu "Trois-Fontaines". Eng Plaz vu Geschicht, Glawen a Gourmettraditioun huet sech hei etabléiert.

Een aussergewéinlechen architektoneschen Ensembel an engem fantastesche grénge Kader erliewe mir hei bei enger gefouerter Visitt. Dozou gehéieren d'Ruine vum ale Klouschter, d'Realitéit vum aktuelle Klouschterliewen oder och eng Konschtkollektioun an engem Joerhonnert-alem Keller. An och een eenzegaartege Gaart mat Heelplanzen an e Gebai wou de Knowhow vun engem eenzegaartege Béier, dem Orval, gehitt gëtt, kënne mir op eege Fauscht kucke goen. Ier mir zréckfueren, iesse mir an der Hostellerie d'Orval.

**Um Menü fir 30 € steet:**

Eng Krockett mat orvaler Kéis an dono eng Assiette Gourmande mat Fritten.










## MËTTWOCHS,
27|09|2023

**DEPART:** GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI
**AUERZÄIT:** 13:30
**PRÄIS:** 40 € (OUNI MËTTEGIESSEN)

**RETOUR:** GÉINT 21:30
**UMELDUNG BIS:** 18|09|2023

03

# CINÉMA
# «FISHERMAN'S FRIENDS»

réalisé par Chris Foggin


03




Fisherman's Friends

Une bande de pécheurs s'illustre en donnant de la voix au niveau local avec des chants marins, puis devient disque d'or en devenant le premier groupe folk traditionnel à placer un album dans le top 10 des charts britanniques. C'est pourtant l'histoire vraie improbable vécue par les Fisherman's Friends, qui signèrent en 2010 un contrat d'un million de livres sterling avec une maison de disques.









## MERCREDI,
11|10|2023

| | |
|---|---|
| OÙ : | ARCA |
| HORAIRE : | 15:00 |
| PRIX : | GRATUIT |

Movie Time

| | |
|---|---|
| DURÉE DU FILM : | 152 MINUTES |
| INSCRIPTION : | 10|10|2023 |

04

# FOIRE SENIORS 2023

### 4. EDITIOUN

04



Foire ronderëm den Alter

## KOMMT A BESICHT EIS OP DER FOIRE SENIORS.



Hei entdeckt Dir allerlee Neits, fannt Inspiratioun, flott Iddien an nëtzlech Informatioune fir Är Projeten.

Dir kënnt un enger Konferenz oder un deene verschiddenen Animatiounen deelhuelen, Iech informéieren a mat Spezialisten an Experten aus verschiddene Beräicher austauschen.

## MAT DOBÄI:

- Seniore Sécherheetsberoder
- Zumba Gold
- Kreativatelier
- ... a villes méi!


## SAMSCHDES,

14|10|2023

| | |
|---|---|
| WOU: | CENTRE ATERT |
| AUERZÄIT: | 10:00-16:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |









OKTOBER

# THÉ DANSANT
## MAM ORCHESTER EVER DANCE
## Oktoberfest

05




05

**“Der Tanz ist ein Gedicht und jede seiner Bewegungen ist ein Wort”**
*(Mata Hari)*

Et ass erëm Zäit fir d’Danzschong aus dem Schaf ze huelen a bei eis op eisen traditionellen Thé Dansant ze kommen. Eisen Orchester “Ever Dance” weess genee wéi en Iech an déi richteg Stëmmung bréngt an da kënnt Dir lass leeën.


Natierlech ass jiddereen häerzlech invitéiert, och déi déi net gären danzen, a just een immens flotten Nomëtten a gudder Gesellschaft wëlle verbréngen.

**Fir Iessen an Drénken ass gesuergt.**

A well mer am Oktober sinn, gi mer dem Ganzen e klengen

**OKTOBERFEST-FLAIR.**


Dofir invitéieren mir iech an der Truecht oder Lederhose ze kommen.






**SONNDES,**
**15|10|2023**

| | | | |
|---|---|---|---|
| AUERZÄIT: | 14:30 - 20:00 | UMELDUNG BIS: | 09\|10\|2023 |
| WOU: | CENTRE ATERT (FESTSALL) | | |
| PRÄIS: | GRATIS | | |







# VISITT VUM MUSÉE
# "A SCHIEWECH" ZU BËNZELT
# & TRAKTER EXPO VUM JOSY REIFF

06



"A Schiewech" zu Bënzelt

Zur Ofwiesslung fuere mir haut emol nees an den Norden. Erlieft am Landmusée "A Schiewech" unhand vun eenzelen Zeenen d'Geschicht vun der Regioun. Et erwaarden Iech méi wéi 50 Themen, Dausende vun anticken Ausstellungsstécker a Fotoen aus vergaangenen Zäiten. Uschléissend genéisse mir een deftegt Mëttegiessen an engem rustikale Kader.


Duerno geet et virun op Ëlwen wou mir déi warscheinlech gréisste Privatsammlung vu Fendt Traktere wäerte bewonnere kënnen. Beim Josy Reiff fënnt ee bal alles wat an der **"Marktoberdorfer Traktorenwelt"** gebaut gouf. Matt grousser Leidenschaft sammelt a restauréiert den Här Reiff seng al "Dieselrösser" a mëttlerweil befannen sech iwwer 250 Trakteren a sengem Besëtz.





musée rural binsfeld







MËTTWOCHS,
18|10|2023

J-REIFF.lu

| | |
|---|---|
| DÉPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI |
| HORAIRE: | 08:30 |
| PRÄIS: | 90 € (MAT IESSEN) |
| RETOUR: | GÉINT 19:00 |
| UMELDUNG BIS: | 09|10|2023 |

07

NOVEMBER

# KONFERENZ


# AM ALTER MÉI SÉCHER DOHEEM


Am Alter méi sécher doheem

07

Fir an Äert Haus ze kommen täuscht den Déif oft eng offiziell Aarbecht oder en Noutfall vir. Beispiller dofir sinn, ee Glas Waasser ze froe fir ee Medikament ze huelen oder e Message fir en Noper ze hannerloossen, deen net do ass. Den Déif gëtt sech och oft als Handwierker oder Mataarbechter vum Gas- oder Waasserwierk aus. Frot no enger Carte d'Identité an iwwerpréift wien an Äert Haus wëll kommen. Awer net nëmmen op Ärer Hausdier versichen Onéierlecher un Är Suen ze kommen, mee och op der Strooss oder souguer iwwer Telefon.
Op dëser Konferenz kritt Dir wäertvoll Rotschléi a nëtzlech Verhalensreegele wéi Dir Iech besser schütze kënnt.


**Als Ofschloss vun dësem Nomëtteg gëtt et eng fräi Diskussioun.**



SENIOREN SECHERHEETS BERODER







## DONNESCHDES


16|11|2023

| | | | |
|---|---|---|---|
| AUERZÄIT: | 15:00 - 16:30 | PRÄIS: | GRATIS |
| WOU: | MAISON SCHAUWENBURG 2. STACK | UMELDUNG BIS: | 14\|11\|2023 |

# 08

## FILMNOMËTTEG
# “MAX UND DIE WILDE 7”


E Film vum Winfried Oelsner



Max und die wilde 7


Dem Max (Jona Eisenblätter) seng Mamm Marion (Alwara Höfels) huet eng Plaz an engem Altersheem kritt, wat an enger Buerg ass an hie muss mat hier dohinner plënneren. A senger aler Schoul ass hie gemobbt ginn, an och hei fënnt hie keng Klassekomeroden. Mee séier fënnt hie Frënn ënnert den Awunner vum Heem. D’Schauspillerin Vera (Uschi Glas), de Fussballtrainer Horst (Thomas Thieme) an de Fuerscher Kilian (Günther Maria Halmer). Déi dräi si bekannt als “Die wilde 7”. Wou bemol am Heem Wäertgéigestänn vun de Leit verschwannen, gëtt dem Max seng Mamm verdächtegt. Fir d’Wouerecht eraus ze fannen, deet de Max sech mam Vera, Horst a Killian zesumme fir dee richtege Kriminellen opzedecken...









## MËTTWOCHS,
29|11|2023

| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

*Movie Time*

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 87 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 28|11|2023 |

NOVEMBER

# 09

NOVEMBER

# VISITT VUN DEM **CHRËSCHTMAART ZU KÖLN**



# 09

Weihnachtsmarkt am Kölner Dom

Sou lues geet d'Joer nees op en Enn a fir d'Chrëschtdagsstëmmung sou richteg unzegoen, proposéiere mir Iech en Tripp op de Kölner Chrëschtmaart. De "Markt der Herzen", wéi e genannt gëtt, befënnt sech matten am Zentrum, direkt virun der herrlecher Kulisse vum Kölner Doum.

Loosst Iech vum Geroch vu Spekulatius, Brotäppel, frësche Wäffelcher, waarme Käschten an enger wonnerbarer Atmosphär verzauberen!

















## DONNESCHDES,
30|11|2023

**DEPART:** GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI
**AUERZÄIT:** 08:00
**PRÄIS:** 40 € (OUNI MËTTEGIESSEN)

**RETOUR:** GÉINT 21:00
**UMELDUNG BIS:** 20|11|2023

# 10

FILMNOMËTTEG

# "TATSÄCHLICH ... LIEBE"

E Film vum Richard Curtis


10




Tatsächlich . . . Liebe

Zwee Méint viru Chrëschtdag entfalen sech zéng verschidde Geschichten iwwer d'Léift, déi sech de 24. Dezember mateneen verbannen. D'Liewen vun e puer Londoner - vum Premier bis zum Senior Popstar, geréit an Turbulenzen. Den Premier verléift sech ënner anerem an dat Meedchen wat him den Téi zerwéiert, an an enger anerer Geschicht geet et em d'Problemer am Bestietnis vum Premier senger Schwëster.









**Movie Time**


MËTTWOCHS,
13|12|2023


| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |
| FILMDAUER: | 134 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 12\|12\|2023 |

VAKANZ AN DÉI SCHÉIN
# PROVENCE









## *Save the date*

**12-19 MEE 2024**

DE PROGRAMM MAT DE PRÄISSER KËNNT NO,
MIR HUELEN AWER SCHONNS UMELDUNGEN UN!





# EISE FOTOS RËCKBLÉCK










# TRËPPELTIER

mam Ed Pansin, Margot Jemming & Jessica Harles





# BEEFORTER SCHLASS

08-06-2023
















# VINSMOSELLE

14-06-2023


































# SALZBURGERLAND

24.06 - 01.07 2023




























FOTOEN





































































# SUMMERFEST MAT DER COMMISSIOUN 50+

06-07-2023












Commune de BERTRANGE



































Commune de BERTRANGE

## Shared Space

RÉGLEMENT PRINCIPAL

- La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne
- Priorité à droite absolue
- Vitesse maximale autorisée de 20km/h
- Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 1 Stadion André Wolff | 64 | 4H max | 8 Gemeng | 24 | 2H max |
| 2 Kierfecht | 30 | 4H max | 9 Am Zentrum | 125 | 4H max |
| 3 Duerfgaart | 9 | 2H max | 10 Atert | 22 | 4H max |
| 4 Beim Schlass | 8 | 2H max | 11 Tennis | 18 | 4H max |
| 5 Beim Schlass | 13 | 1H max | 12 Péitruss | 83 | 4H max |
| 6 Oppert | 12 | 2H max | 13 Apdikt | 4 | 1H max |
| 7 Schauwebuerg | 8 | 1H max | A ArcA (SANS DISQUE) | 37 | 48H max |



JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00

# INFORMATIONEN - INFORMATIONS

Einschreibung // Inscription

## WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS:

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES: BCEE LU15 0019 1001 0292 6000
CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club Am Schlass
*centre de rencontre*

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass

WWW.BERTRANGE.LU



Commune de BERTRANGE